

# Vëlosheemrees 2014 - Startin LU



Eng Traditioun déi et der Wäert ass: Sait 1986 fueren d'Lëtzebuerg Studente vu Karlsruhe ([AELK](#)) den Wee fir zeréck mam Vëlo heem!

Dëst Joer, fir déi 28. Editioun, misst et geféiert ginn, an ech war derbäi als Reporter fir Startin' vu BGL BNP Paribas. Sait e puer Joer schonn gétt dëst net nëmmen fir de Spaass gemeet, mee och fir de gudden Zweck. D'Coureuren konnten parrainéiert ginn an déi gesammelt Suen ginn dëst Joer un d'Organisatioun "Engineers without border". E ganz ökologeschen an soziale Projet!

Famill, Frënn & "Ancien'en" waren all präsent an hunn ongedëlleg drop gewaart dass d'Studente déi schonns seit 5 Auer mueres ënnerwee ware endlech ukommen. D'Coureuren sinn fir 17 Auer an der neier Agence "Jardins de Luxembourg" erwaart ginn.



Wou d'Coureuren dann schlussendlech licht no 17 Auer ukomm sinn, konnt een e Lächeln an hirem Gesiicht bemierken, an den Evenement ass dunn ronderëm engem klengen vun der Bank offréierten Apéro gefeiert ginn. Zwar waren se midd, mä virun allem stolz well se am Duerchschnëtt 250 km mam Vélo gefuer sinn! "Natierlech ass dat ganz gutt vum AELK Comité organiséiert ginn", informéiert Anna Gidt mir, d'aktuell Presidentin vum Comité. Tatsächlech waren d'Coureuren de ganze Wee laang vun 2 Camionnetten begleet ginn an deenen d'Studente sech an enger erhuele konnten falls se midd waren, an an där anerer all d'néidegt Material dra war falls se eppes gebraucht hunn.

"D'amicale des étudiants luxembourgeois à Karlsruhe" (AELK) organiséiert net nëmmen d'Vëlosheemrees, mä proposéiert och aner Aktivitéiten zu Karlsruhe selwer (Studentebal, Pokertournoi, asw). D'association plangt elo schonn aner Projet'en; d'Vëlosheemrees vum nächsten Joer ass natierlech mat dran. Et ass am Ufank vum Schouljoer wou den Comité op d'Sich geet fir nei Membre'en, mee et kann ee sech zu all Zäitpunkt aschreiw vir bei der Vëlosheemrees matzemaachen (och an der leschter Minutte;)



“Jiddwereen kann do matmaache, esouguer Studente vun aner Uni'en, oder ehemoleg Studente vu Karlsruhe” seet mir d'Micky Dauphin, d'Ex-Presidentin vun der AELK.

Ech sinn gespaant op déi 11 Coureuren vun dësem Joer den Trajet d'nächst Joer erëm wäerten maachen. A wann se eben keng Zäit hate fir sech dorop virzebereeden, da kennen se d'Alternativ wielen vun enger anerer Etapp, ewéi zum Beispill vu Saarbrécken fortzufueren, well den Trajet jo all Joers dee selwechte bleift.